N° 3674
Entrée le 19.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Den 12. Februar 2026 huet ee mobile Radar, deen an der Traversée vun Ierpeldeng/Sauer daagsiwwer stationéiert war, eng ganz Rei u Gefierer geblëtzt. Et ass bekannt, datt iwwer d'N27 duerch d'Uertschaft Ierpeldeng vill Trafic geet – dacks vill ze séier – obwuel etlech Camionen ouni Weideres de Contournement op der B7 kéinten huelen. Dofir maachen esou geleeëntlech Vitesskontrolle méi wéi Sënn.

An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Kéint den Här Minister matdeele wéi vill Gefierer den 12. Februar 2026 zu Ierpeldeng geblëtzt goufen ?
- Gouf besote Radar déi Woch nach op anere Plazen an der Nordstad opgestallt ? Wa jo, wou ? Wéi vill Gefierer goufen do geblëtzt ?
- Wéi vill mobil Radare sinn de Moment a Betrib a kënnen iwwer Land agesat ginn ?
- Wéi vill Gefierer goufen 2025 duerch mobil Radare geblëtzt ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten